Matinée en entreprise” 2026 an der Philharmonie

Den 23.Mäerz 2026 wor e Grupp vu Schüler aus dem LMRL am Kader vum Projet „Matinée en Entreprise“ fir ee Moien an d’Philharmonie. Mir hunn de Bus vun der Schoul aus bis dohinner geholl, a goufen do empfaange vun der Madame Stefanie WURST, déi fir dee Moien eise Guide wor. Als eicht hu mir eng kleng Visite duerch d’Philharmonie gemaach wou mir de Backstage e bësse konnte gesinn. Mir hu gesi wou d’Camionen ukommen, mat all dem Material an den Instrumenter déi déi respektiv Solisten oder Museksgruppe fir hiren Optrëtt brauchen, wéi déi Saachen op d’Bün kommen a wou de Gaaschtmuseker a senger Loge Platz huet, fir seng Saachen ofzeleeën an nach e kuerze Moment raschte ka virum Optrëtt. Am Moment ginn et 3 Concertssäll an der Philharmonie an et ass nach ee véierten am Bau, dee fir d’Saison 27/28 soll fäerdeg sinn.

No der Visite konnte mer dann e klengen Atelier maachen, mat deem mer déi administrativ Säit vun der Philharmonie konnte besser kenneléieren, d.h. alles a jiddwereen deen ee brauch fir dass d’Philharmonie leeft an Eventer mat Zuschauer klappe kënnen. Et ass och en Techniker sech an seng Aarbecht virstelle komm, deem mir och Froe stelle konnten.

Am allgemengen hunn ech et cool an interessant fonnt alles eng Kéier dierfen ze gesinn, haaptsächlech de Backstage, wou ee jo soss net hikënnt. Ech hunn et e bësse Schued fonnt ,dass grad kee Projet an der Preparatioun wor a mir keng Prouwen oder Virbereedunge fir e Concert konnte gesinn. Den Atelier wor och flott mee ech hätt mer gewënscht villäicht och den een oder anere Büro ze gesinn. 😊

Kelly